Amicale
D'JONGE
VU
PEENEMÜNDE

*Présidence et Secrétariat*
*Adresse :*
*Vic FISCHBACH*
*~~75, Allée L. Goebel~~*
*L-1635 LUXEMBOURG*
*Tél. : 44 42 93 Fax. : 44 51 62*
*e-mail : cosmos@pt.lu*

Lëtzebuerg, September 2010



Léiw Komeroden. Dir Dammen a Frënn vun de Peenemünder,

Mir feieren eise Konveniat, e **Donneschdeg, dee 7. Oktober zu Ierpeldeng.** Mir hoffen, datt Dir alleguer kënnt dobäi sinn. Solls Du oder Dir, Madame, awer verhënnert sinn, wier ech frou ee schrëftleche Bescheed ze kréien. Um Telefon am léiwste muurges **no 8.00 Auer.** Ech soen duefir lo scho **Merci!**

**Hei ass de Programm:**

**10.30 h** **Rendez-vous virun der Kierch oder an der Kierch. Et ass keng Mass. Mir gedenken eng Véirelstonn eise gefalen vermëssten a verstuurwe Komeroden.**
**11.00 h** **Dépôt vu Blummen virum Monument vun der Grande-Duchesse Charlotte, bei der Gemeng.**
**11.30 h** **Vin d'honneur, offeréiert vun der Gemeng.**
**12.30 h** **Eis Erënnerungsfoto op der Trap v. der Gemeng.**
**13.00 h** **Mëttechiessen am Hôtel-Restaurant „DAHM"**





**Ëmdréien w.e.g.**

Amicale
D'JONGE
VU
PEENEMÜNDE

*Présidence et Secrétariat*
*Adresse :*
*Vic FISCHBACH*
*75, Allée L. Goebel*
*L-1635 LUXEMBOURG*
*Tél.: 44 42 93 Fax.: 44 51 62*

Lëtzebuerg, September 2007

Léiw Komeroden, Dir Dammen a Frënn vun de Peenemünder,

Mir feieren eise Konveniat e **Méendeg, deen 8. Oktober zu Ettelbréck**
Hie gouf vum Comité organiséiert

Mir hoffen, dat Dir alleguur kënnt dobäi sin. Solls Du oder Dir awer verhënnert sin, wier ech frou, ee schrëftlechen oder telefoneschen Avis ze kréien. Mam Telefon am léiwste muurges no 8,00 Auer. Ech soën duefir lo scho **Merci !**



**Hei ass de Programm**

| | |
|---|---|
| 09.45 h | Rendez-vous virun der Kierch zu Ettelbréck |
| 10.00 h | Mass fir eis gefalen, vermëssten a verstuurwe Komeroden. Obschon an der Kierch geschafft gët, kréie mir na well eng schéi Mass gehalen ! |
| 11.00 h | Eis Erënnerungsfoto |
| 11.15 h | Dépôt vu Blummen beim Monument aux Morts |
| 11.30 h | Vin d'honneur, offeréiert vun der Gemeng |
| 13.00 h | Mëttechiessen am **Restaurant *Lanners*** |

**Menu**



*Consommé Mimosa*
***
*Mignons de Veau*
*Jardinière de Légumes*
***
*Île flottante*
***
*Café et Petits Fours*
****************************

Präis fir Dech oder eng Damm eleng : 35,00 €
Präis fir eng Koppel : 65,00 €
Präis fir 3 : 95,00 €

An dësem Präis sin all Käschten abegraff. D'Gedrénks bezuelt jidfereen selwer un den Hôtelier.
D'Sue gin abezuelt bei der BGLL (Banque Générale du Luxembourg)

**N° LU24 0030 5497 0843 0000** **Bénéficiaire :** **D'Jonge vu Peenemünde**
**Communication :** **Konveniat 2007**

De läschten Termin fir d'Iwwerweisung ass den **24. September 2007.**

*Am Numm vum Comité a mat vill schéine Gréiss,*

*Vic Fischbach*

Amicale
D'JONGE
VU
PEENEMÜNDE

*Présidence et Secrétariat*
*Adresse :*
*Vic FISCHBACH*
*75, Allée L. Goebel*
*L-1635 LUXEMBOURG*
*Tél.: 44 42 93 Fax.: 44 51 62*

Lëtzebuerg, September 2006

Léiw Komeroden, Dir Dammen a Frënn vun de Peenemünder,



Mir feieren eise Konveniat e **Freideg, de 6. Oktober zu Stolzebuerg**
Hie gouf organiséiert vun eisem Komerod **Jean Nosbusch.** Mir hoffen, dat Dir alleguur kënnt dobäi sin. Solls Du oder Dir awer verhënnert sin, wier Ech frou ee schrëftlechen oder telefonesche Bescheed ze kréien. **Merci!!!**



**Hei ass de Programm**

**09.45** **Rendez-vous virun der Kierch zu Stolzebuerg**
**10.00** **Mass fir eis verstuurwen a vermësste Komeroden**
**11.00** **Eis Erënnerungsfoto**
**11.15** **Vin d'honneur zu Stolzebuerg, offeréiert vun der Gemeng**
**12.00** **Depôt vu Blummen bei Monument aux Morts zu Mierschent**
**13.00** **Mëttechiessen am Restaurant Oranienbourg zu Vienen.**

***Bemierkung:***
***Aus organisatoresche Grënn war des Ännerung néideg***

***An hei ass de Menu***



*Oxtail clair*
***
*Rôti de Boeuf Marchand de Vin*
***
*Nougat glacé au coulis de framboises*
***
*Café – Petits Fours*
✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡✡

| | |
|---|---|
| Präis fir Dech oder eng Damm eleng: | 37,00 € |
| Präis fir eng Koppel: | 70,00 € |
| Präis fir 3: | 103,00 € |

An dësem Präis sin all Käschten abegraff. D'Gedrénks bezuelt jiderfereen selwer un den Hòtelier.
D'Sue gin abezuelt bei der BGLL (Banque Générale du Luxembourg) op eise Kont
**N° LU24 0030 5497 0843 0000** **Bénéficiaire:** **D'Jonge vu Peenemünde**
**Communication :** **Konveniat 2006**
De läschten Termin fir d'Iwwerweisung ass den **<u>22. September 2006.</u>**

*Am Numm vum Comité a mat vill schéine Gréiss,*
*Vic Fischbach*

**Amicale D'JONGE VU PEENEMÜNDE**

*Présidence et Secrétariat*
*Adresse :*
*Vic FISCHBACH*
*75, Allée L. Goebel*
*L-1635 LUXEMBOURG*
*Tél.: 44 42 93 Fax.: 44 51 62*

Lëtzebuerg, September 2005



Léiw Komeroden, Dir Dammen a Frënn vun de Peenemünder,

Mir feiren eise Konveniat e **Freideg, de 7. Oktober zu Sandweiler**
Hie gouf organiséiert vun eisem Komerod **Val Schiltz.**

Mir hoffen, dat Dir alleguur kënnt dobäi sin. Solls Du oder Dir awer verhënnert sin, wier ech frou, ee schrëftlechen oder tele-foneschen Avis ze kréien lo schons ee grousse **Merci!**



**Hei ass de Programm:**




**09.45 Rendez-vous virun der Kierch zu Sandweiler**
**10.00 Mass fir eis gefalen, verstuurwen a vermësste Komeroden**
**11.00 Eis Erënnerungsfoto**
**11.15 Depôt vu Blummen beim Monument aux Morts**
**11.30 Vin d'honneur, offeréiert vun der Gemeng**
**13.00 Mëttechiessen am Restaurant DELICIOUS (fréier Hoffmann)**

***An hei ass de Menu***

*Consommé à la Brunoise*
***
*Rôti de Veau Bon Normand et sa Garniture*
***
*Délice de glace Vanille et Mousse au Chocolat*
***
*Moka - Petits-Fours*
**************************

**Wéi kommen ech op Sandweiler?**

1) mam Auto, kee Probleem
2) mam Zuch
   a) mam Zuch op Lëtzbuerg
   b) mam Bus op Sandweiler

De Bus N° **194** fiert all 20 Minutten vun der Gare fort
**Départ Gare : 9.07 Auer**
**Arrivée Sandweiler : 9.35 Auer**

**Départ Gare : 9.27 Auer**
**Arrivée Sandweiler: 9.55 Auer**

| | |
|---|---|
| Präis fir Dech oder eng Damm eleng: | 37,00 € |
| Präis fir eng Koppel : | 69,00 € |
| Präis fir 3 : | 100,00 € |

An dësem Präis sin all Käschten abegraff. D'Gedrenks bezuelt jidfereen selwer un den Hôtelelier.
D'Sue gin abezuelt bei der BGLL (Banque Générale du Luxembourg) op eise Kont
**N° LU24 0030 5497 0843 000** **Bénéficiaire :** **d'Jonge vu Peenemünde**
**Communication :** **Konveniat 2005**
De läschten Termin fir d'Iwwerweisung ass den **24. September 2005.**

*Am Numm vum Comité a mat vill schéine Gréiss,*
*Vic Fischbach*

# Amicale D'JONGE VU PEENEMÜNDE

Présidence et Secrétariat
Adresse:
Vic FISCHBACH
75, Allée Léopold Goebel
L-1635 LUXEMBOURG
Tél.: 44 42 93 Fax: 44 51 62

Lëtzebuerg, September 2000

Léiw Peenemünder, Dir Dammen a Frënn vun de Peenemünder,

Mir feieren eise Konveniat **e Freideg, de 6. Oktober 2000 zu Elwen.**
Hie gouf organiséiert vum Komerod Mich Schrantz.

Mir hoffen, dat Dir alleguur kënnt dobäi sin. Solls Du oder Dir awer verhënnert sin, wäre mir frou, ee schrëftlechen oder telefoneschen Avis ze kréien. Mir soën duefir lo scho **Merci.**

**Hei as de** **Programm**



| | |
|---|---|
| 10.15 h | Rendez-vous virun der Kiirch zu Elven |
| 10.30 h | Mass fir eis gefalen, vermëssten a verstuurwe Komeroden |
| 11.15 h | Eis Erënnerungsfoto |
| 11.30 h | Dépôt vu Blummen beim Monument aux Morts |
| 11.45 h | Vin d'honneur an der Gemeng |
| 13.00 h | Mëttechiessen am Restaurant ***LAMY*** zu Elwen |

***menu***



*Oxtail clair au Sherry*
*Paillettes au Fromage*
***
*Pièce de Bœuf braisée à la Bourguignonne*
*Gratin dauphinois*
*Légumes assorties*
***
*Tulipe glacée aux Fruits de Saison*
***
*Moka et Petits-Fours*
**********************************

De Präis fir dëse Menu fir Dëch oder eng Damm eleng : 1.300,- Frang
Präis fir eng Koppel : 2.500,- Frang
Präis fir 3 : 3.700,- Frang

An dësem Präis sin abegraff: d'Iessen, d'Blummen, d'Foto an d'Fräën. D'Gedrénks bezuelt jidferee selwer un den Hôtelier.

D'Sue gin abezuelt bei der BGLL (Banque Générale du Luxembourg)

**No 30-549708-43** Bénéficiaire: **D'Jonge vu Peenemünde**
Communication : **Konveniat zu Elwen**

De läschten Termin fir d'Iwwerweisung as de **<u>25. September 2000.</u>**

*Am Numm vum Comité a mat villen häzleche Gréiss,*

Fischbach

# Amicale D'JONGE VU PEENEMÜNDE

Présidence et Secrétariat
Adresse:
Vic FISCHBACH
75, Allée Léopold Goebel
L-1635 LUXEMBOURG
Tél.: 44 42 93 Fax: 44 51 62



Lëtzebuerg, den 10. September 1999-

Léiw Peenemünder, Dir Dammen a Frënn vun de Peenemünder,

Duurch besonnech Ömstänn bedéngt feiere mer eise Konveniat nit de 7. Oktober, mä **Freideg, den 8. Oktober, zu Ierpeldéng.** Hie gouf organiséiert vum Komerod Ed Leiner.

Mir hoffen, dat Dir rëm allegur kënnt dobäi sin. Sols Du oder solt Dir awer verhënnert sin, wäre mir frou, ee schrëftlechen oder telefoneschen Avis ze kréien. Mir soën duerfir lo scho merci.

**Hei as de Programm**

| | |
|---|---|
| 10.15 h | Rendez-vous virun der Kiirch zu Ierpeldeng |
| 10.30 h | Mass fir eis gefalen, vermëssten a versturwe Komeroden |
| 11.15 h | Eis Erënnerungsfoto |
| 11.30 h | Dépôt vu Blummen beim Monument aux Morts |
| 12.00 h | Vin d'honneur an der Gemeng |
| 13.00 h | Mëttechiessen am Restaurant ***DAHM*** zu Ierpeldéng |

***menu***



*Consommé Mimosa*
***
*Jambon de Porcelet au Four*
*et sa Garniture*
***
*Dame blanche*
***
*Moka- Petits fours*
***********************





| | |
|---|---|
| Präis fir Dëch oder eng Damm eleng : | 1.350,- Frang |
| Präis fir eng Koppel : | 2.550,- Frang |
| Präis fir 3 : | 3.750,- Frang |

An dësem Präis sin abegraff : d'Iessen, d'Blummen, d'Foto an d'Fräën. D'Gedrénks bezuelt jidferee selwer un den Hôtelier.

D'Sue gin abezuelt op eise Konto bei der BGLL (Banque Générale du Luxembourg)

**No 30-549708-43** Bénéficiaire : **D'Jonge vu Peenemünde**
Communication : **Konveniat zu Ierpeldéng**

De läschten Termin fir d'Iwwerweisung as de **24. September 1999.**

*Am Numm vum Comité a mat villen härzleche Gréiss,*

Fischbach.

1942

# Amicale D'JONGE VU PEENEMÜNDE

*Présidence et Secrétariat*
*Adresse:*

Vic FISCHBACH
75, Allée Léopold Goebel
L-1635 LUXEMBOURG

Tél.: 44 42 93
Fax : 44 51 62

Lëtzebuerg, den 12. September 96

Léiwe Peenemünder,

Domatter sin natiirlech och Fraën an d'Frënn vun de Peenemünder ugeschriwwen. Eise Konveniat as e **Mendeg, de 7 Oktober, zu Lëtzebuerg,** an e gët organiséiert vun de Komeroden Abbes a Vic.

Wéi all Jaër rechne mir fest mat Denger Präsenz a mat Ärer, Madame! Solt awer ee verhënnert sin, wire mir frou, ee schrëflechen oder telefoneschen Avis ze kréien. Mir soën dofir lo scho merci!

Hei as de **PROGRAMM**

| | |
|---|---|
| 10.15 h | Rendez-vous virun der Glacis-Kapell |
| 10.30 h | Mass fir eis gefalen,vermëssten a verstuurwe Komeroden |
| 11.15 h | Eis Erënnerungsfoto |
| 11.30 h | Dépôt vu Blummen beim Hintzerter Kräiz |
| 12.00 h | Départ no Walfer an de Restaurant *MORIS* |

Jo, Dir hut richteg gelees; ët as ze soën fir t'éicht,dat ët keng Rezeptioun op der Gemeng gët. Duefir gin ët puur Grönn, déi mir lech beim lessen matdeelen.

Mir loossen dofir awer de Kapp nit hänken. E Glas Wäin kënne mer och beim MORIS drenken. Hei as de Menu. dee mir ausgeweelt hun:

## MENU

*Potage Mimosa*
***
*Carré de Veau aux Champignons*
*Bouquet de Légumes*
***
*Parfait Grand Marnier*
***
*Moka et Mignardises*



Präis fir Däch eleng oder eng Damm eleng: 1.350,- Frang
Präis fir eng Koppel: 2.500,- Frang
Präis fir 3: 3.650,- Frang

An dësem Präis sin abegraff: d'lessen, Fräiën an d'Foto. D'Gedrénks bezuelt jidfereen selwer un den Hôtelier.

D'Sue gin abezuelt op eise Konto bei der BGL (Banque Générale du Luxembourg)

No 30-549708-43. Béneficiaire: **D'JONGE VU PEENEMÜUNDE**
Communication: **KONVENIAT ZU LËTZEBUERG**

De läschten Termin fir d'Iwwerweisung as de 25.September 1996.

**ATTENTION** Fir 2 Stonnen um Glacis ze parken, braucht Dir 4 x 20 Frang!!!!!!!!!!

*Am Numm vum Comité a mat villen härzleche Gréiss,*

Fischbach

# AMICALE
# D'JONGE
# VU
# PEENEMÜNDE

*Secrétariat provisoire:*
*75, Allée L. Goebel*
*L-1635 LUXEMBOURG*

* * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * * *

Lëtzeburg, den 10.Juni 1992

Un all Comité's-Memberen,

Durch d'Demissioun vum Secrétaire-Trésorier vun eiser Amicale, sin ëch gezwongen, eng aussergewéinlech Comité's-Sitzung anzeberuffen.

Dës aussergewéinlech Comité's-Sitzung gët afgehalen:

<u>den 29. Juni um 16.00 Auer am Chalet Mierscherbierg, Miersch;</u>

Ëch bieden Dëch, léiwe Comité's-Member, dobäi ze sin!

<u>AUSSERGWEINLECH COMITE'S-SITZUNG</u>

Ordre du Jour

Eenzege Punkt: D'Demissioun vum Secrétaire-Trésorier vun der Amicale "D'Jonge vu Peenemünde", an d'Konsequenzen, déi sëch doraus ergin.

Selbstverständlech as den demissionären Secrétaire-Trésorier als Comité's-Member zu dëser Sitzung invitéiert, an ëch hun hee gebieden, bei dëser Geleenheet d'Bicher an all Ënnerlagen vun der Amicale matzebrengen, dat déi Saachen a Präsenz vum ganze Comité kënnen afgeliwert gin.

Ëch wëll hei nach matdeelen, dat ëch mëch, wann ëch him sollt ze no getruede sin, bei him schrëftlech (Breif vum 4. Juni), a mëndlech (per Telefon vum 8. Juni) entschëllegt hun. Leider awer ouni Erfolleg.

Mat häerzleche Gréiss,

V. Fischbach
Tel.: 44 42 93

1942

# Amicale D'JONGE VU PEENEMÜNDE

Secrétariat:

75, Allée Léopold Goebel
L-1635 LUXEMBOURG

Tél.: 44 42 93

Lëtzebuerg, de 17. September 1992

Léiwe Peenemünder,

Ët as rëm sou wäit; mir gesin äis de 7. Oktober zu Ettelbréck. Ët gët zwou Ursaachen fir dobäi ze sin. Mir gedenken der ongléckséileger Verluedeung an Eisebunnswagoën, déi äis viru 50 Joer op Peenemünde bruecht hun. Zweetens feiere mir awer och de 25. Anniversaire vun eisem éichte Konveniat zu Ettelbréck, deen deemols vum Komerod Léo Aubart organiséiert gi war.

Also, Du an Deng Fra sin häerzlech op dësen Konveniat invitéiert. Selbstverständlech sin d'Dammen vun eise verstuurwe Komeroden gerad sou häerzlech agelueden. Dës Invitatioun geet och un eis Komeroden, déi na ni bei engem vun eise Konveniaten dobäi waren. Mir hoffen si dës Kéier ze gesin, soss musse mir waarden, bis mer si am Himmel begéinen!

De Konveniat as organiséiert vum Frënd Pol Nicolay vun Ettelbréck.

## PROGRAMM

| | |
|---|---|
| 10.15 Auer | Rendez-vous virun der Ettelbrécker Kiirch |
| 10.30 Auer | Mass fir eis gefalen, vermëssten a verstuurwe Komeroden |
| 11.15 Auer | Dépôt vu Blummen beim Monument aux Morts |
| 11.30 Auer | Réceptioun am Stadhaus zu Ettelbréck |
| 13.00 Auer | Mëttechiessen am Restaurant LANNERS, 1, rue de la Gare |

## MENU

*******

Pâté au Riesling

*******

Cuissot de Porcelet
Pommes Château
Jardinière de Légumes

*******

Parfait Grand Marnier

*******

Petits fours - Mokka

**********************

| | |
|---|---|
| Präis fir Dëch eleng oder eng Damm eleng : | 1.000,- Frang |
| Präis fir eng Koppel: | 1.800,- Frang |
| Präis fir 3: | 2.600,- Frang |



An dësem Präis sin abegraff: d'Iessen, d'Fraisën, d'Blummen an d'Photo. D'Gedrenks bezuelt jidfereen selwer un de Wiirt.

D'Souën gin abezuelt op eise Kont bei der BGL (Banque Générale du Luxembourg)
N° 30 - 549708 - 43 . Bénéficiaire: D'JONGE VU PEENEMÜNDE
Communicatioun : KONVENIAT ZU ETTELBRECK

**✱ De läschten Termin fir d'Iwwerweisung as den 28. September 1992 ! ✱**

Am Numm vum Comité a mat ville schéine Gréiss,

# Amicale D'JONGE VU PEENEMÜNDE

Présidence et Secrétariat
Adresse:

Vic FISCHBACH
75, Allée Léopold Goebel
L-1635 LUXEMBOURG

Tél.: 44 42 93
Fax : 44 51 62

Lëtzebuerg, de 14. September 1997

Léiwe Peenemünder,

Wéi all Jar, sin heimat och d'Fraën an d'Frënn vun de Peenemünder ugeschriwwen. Eise Konveniat as e **Dënsdeg, de 7. Oktober, zu Munneref**, an e gët organiséiert vum Komerod Roger.

Wéi ëmmer rechne mir fest mat Denger Präsenz a mat Ärer, Madame! Solt awer ee verhënnert sin, wire mir frou, ee schrëftlechen oder telefoneschen Avis ze kréien. Mir son dofir lo scho merci!

Hei as de **PROGRAMM**

| | |
|---|---|
| 10.15 h | Rendez-vous virun der Kiirch zu Munneref |
| 10.30 h | Mass fir eis gefalen, vermësste a verstuurwe Komeroden |
| 11.15 h | Eis Erënnerungsfoto |
| 11,20 h | Dépôt vu Blummen beim Monument aux Morts |
| 11.30 h | Vin d'honneur am Festsal vun der Gemeng MONDORF-LES-BAINS |
| 12.00 h | Départ no Altwis an de Restaurant KOHN |

An hei hu mir e flotte Menu ausgeweelt.

## MENU



*Potage Mimosa*
***
*Jambonneau de Porcelet salé*
*Gebootschte Grompere mat Speck*
*Choucroute au Vin*
*Salade, Légumes*
***
*Parfait Grand Marnier*
***
*Moka - Petits fours*
***
***And last but not least: Digestif offert par M. Kohn, sen.***



---

Präis fir Dëch oder eng Damm eleng: 1.400,- Frang
Präis fir eng Koppel: 2.600,- Frang
Präis fir 3: 3.800,- Frang

An dësem Präis sin abegraff: d'Iessen, d'Blummen, d'Fraën an d'Foto. Gedrénks bezuelt jidfereen selwer un den Hôtelier.

D'Sue gin abezuelt op eise Konto bei der BGLL (Banque Générale du Luxembourg)

No 30-549708-43 Béneficiaire: D'JONGE VU PEENEMÜNDE
Communication: KONVENIAT ZU MUNNERËF

**De läschten Termin fir d'Iwwerweisung as de 25. September 1997.**

*Am Numm vum Comité a mat villen härzleche Gréiss,*

Fischbach

# Amicale D'JONGE VU PEENEMÜNDE

25ème ASSEMBLEE A ETTELBRUCK

Le 7 octobre 1992

Il y a 50 ans exactement que 236 jeunes gens furent embarqués dans le train à Luxembourg avec destination RAD Peenemünde. Aujourd'hui il est connu que cette opération fut une des plus grandes bévues commises par les Prussiens durant la 2e guerre mondiale. Peenemünde a été détruit. On ne peut que hocher la tête, si le président du "Bundesverband der Deutschen Luftfahrt-, Raumfahrt- und Ausrüstungsindustrie" (l'union fédérale de l'industrie de l'aviation, de la navigation interplanétaire et de l'équipement) a voulu célébrer le premier vol d'une fusée allemande, il y a 50 ans, le 3 octobre 1992. De même les Américains pourraient fêter le 6 août 1995 le cinquantenaire du lancement de la première bombe atomique. Au moins cette action a contribué à l'arrêt de la guerre que les Japonais avaient déclenchée contre l'Amérique avec l'offensive sur Pearl Harbor, le 7 décembre 1941.

Il y a 25 ans que nous avons tenu notre première assemblée à Ettelbruck. Et, cette année-ci, ceux qui ont été épargnés jusque-là se sont rencontrés de nouveau en vue de fêter ce 25e anniversaire. Tous ont assisté à la messe dans l'église paroissiale d'Ettelbruck, célébrée par l'abbé Alphonse Wiseler, à la mémoire de nos camarades tombés, disparus et décédés. Aux orgues M. Marcel Schmitz. Après la messe nous avons déposé des fleurs devant le Monument aux Morts, sous les sons de la Sonnerie, exécutée par M. Henri Lucas d'Ettelbruck. L'Hymne national magistralement sonné par ce maître de la trompette, nous a emus profondément.

Le député maire de la Ville d'Ettelbruck, M. Edouard Juncker, entouré de ses échevins et conseillers, nous a donné une réception dans la somptueuse Salle des Fêtes de la Mairie. M. Juncker, appartenant comme nous à cette génération sacrifiée, et notre président ont redessiné les horreurs de cette guerre et ont fait remarquer qu'apparemment on n'a rien appris de cette leçon, comme il est démontré par les massacres commis en Yougoslavie et ailleurs dans le monde.

Après un superbe déjeuner à l'Hôtel Lanners, nous avons ravivé les souvenirs d'une sombre époque, il y a un demi siècle.

V.F.

# Amicale D'JONGE VU PEENEMÜNDE

Présidence et Secrétariat
Adresse:
Vic FISCHBACH
75, Allée Léopold Goebel
L-1635 LUXEMBOURG
Tél.: 44 42 93
Fax : 44 51 62

Lëtzebuerg, de 15. September 1994

Léiwe Peenemünder,

Domatter riichten ëch mëch och un d'Fraën an d'Frënn vun de Peenemünder. Eise Konveniat as e Freideg, de 7. Oktober, an he gët organiséiert vun eisem Komerod Erny MULLER vu Stadbriedemes. Zu dëser Gemeng gehéiren och nach Greiveldeng, de Bicherhaff an d'Hëttermillen.

Ech hoffen, dat s'Du komme kanns, zemool ët elo 50 Jar hiir as, dat Lëtzebuerg befreit gouf. Ëch wiir awer frou, dat wann s'Du verhënnert bas ze kommen, dat s'Du mir dat matdeels, schrëftlech oder per Telefon. Ëch soën Dir lo scho merci fir dee komerodschaftleche Geste.

Hei as de Programm fir dëse memorablen Dag:

## PROGRAMM

| | |
|---|---|
| 10.15 h | Rendez-vous virun der Kiirch vu Stadbriedemes |
| 10.30 h | Mass fir eis gefalen, vermëssten a verstuurwe Komeroden |
| 11.15 h | Dépôt vu Blummen beim Monument aux Morts |
| 11.30 h | Vin d'honneur am Festsal vun der Gemeng Stadbriedemes, offeréiert vun der Gemeng |
| 13.00 h | Mëttechiessen am PAVILLON ST. MARTIN zu Réimech |

ADMINISTRATION COMMUNALE STADTBREDIMUS

St Martin

## MENU
*******

Consommé Mimosa
****
Salade tiède
****
Rôti de Veau Orloff
Pommes boulangères
Jardinière de Légumes
****
Coupe St.Martin
****
Moka - Petits fours

| | |
|---|---|
| Präis fir Dëch eleng oder eng Damm eleng: | 1.100,- Frang |
| Präis fir eng Koppel: | 1.950,- Frang |
| Präis fir 3: | 2.800,- Frang |

An dësem Präis sin abegraff: d'Iessen, Fraisën, d'Blummen an d'Foto. D'Gedrenks bezuelt jidfereen selwer un den Hôtellier.

D'Suë gin abezuelt op eise Kont bei der BGL (Banque Générale du Luxembourg). N° 30-549708-43. Bénéficiaire: J'JONGE VU PEENEMÜNDE
Communicatioun: KONVENIAT ZU STADBRIEDEMES

De läschten Termin fir d'Iwwerweisung as de 26. September 1994

Am Numm vum Comité a mat villen härzlëche Gréiss!

Fischbach

Amicale
D'JONGE
VU
PEENEMÜNDE

*Présidence et Secrétariat*
*Adresse:*
*Vic* FISCHBACH
*75, Allée Léopold Goebel*
*L-1635* LUXEMBOURG
*Tél.: 44 42 93*

Lëtzebuerg, de 15. September 1993

Léiwe Peenemünder,

Wann ëch déi Ureed gebrauchen, sin natiirlëch och d'Fraën an d'Frënn vun de Peenemünder mat abegraff.

De Konveniat vun de Peenemünder as en Donnechdeg, de 7. Oktober, an he gët organiséiert vum Frënd Jean Nosbusch vu Stolzebuerg. Hei as vläicht e bëssen Geographie néideg. Stolzebuerg läit an der Gemeng Pëtscht (Putscheid). Zu där Gemeng gehéieren déi lei Diirfer a Gemengendeeler: Biwels (Bivels), d'Biwelser Millen, Grooljen (Gralingen), Mierschent (Merscheid), Pëtscht, Houschterhaff (Hoscheiderhof), Nuechtmaneschct (Nachtmanderscheid), Poul, Veianerstrooss (rte de Vianden), Stolzebuerg, Grooësteen (Grauenstein), Weller (Weiler) an d'Wuelesserstroos (rte de Wahlhausen).

Ëch hun dës Kéier nëmmen déi ugeschriwwen, déi bal ëmmer oder dach wenestens een oder e puur mool dobäi waren. Ëch hoffen, dat s'Du, eleng oder mat Denger Fra, an Dir Madame, Fra vun eisem verstuurwe Frënd, dobäi sit. Ët as néideg, dat Dir all kommt, ëch zeele fest dorop!!!

Ëch wëll deenen awer och nach merci soën, déi sëch lächt Jaër mëndlech oder schrëftlech entschuellegt haten. Si sin natiirlëch ernimmt gin, an hiire Message as weidergeleet gin. Wann ee wiirklëch nit ka kommen, da soll e w.ë.g. Bescheed gin; dat as e Gest vu Komerodschaft.

## PROGRAMM

ADMINISTRATION COMMUNALE
L-9462 PUTSCHEID
G.-D. DE LUXEMBOURG

| | |
|---|---|
| 10.15 h | Rendez-vous virun der Stolzebuerger Kiirch |
| 10.30 h | Mass fir eis gefalen, vermëssten a verstuurwe Komerden |
| 11.15 h | Dépot vu Blummen beim Monument aux Morts |
| 11.30 h | Vin d'honneur am Festsaal zu Weller, offeréiert vun der Gemeng |
| 13.00 h | Mëttechiessen am Restaurant MONT ST.NICOLAS |

## *MENU*

*******

*Aspic au Jambon*

*******

*Mignons de porc*
*Jardinière de Légumes*
*Pommes sautées*

*******

*Omelette Norvégienne*

*******

*Moka / Petits fours*

*********************

| | |
|---|---|
| Präis fir Dëch eleng oder eng Damm eleng: | 1.000,- Frang |
| Präis fir eng Koppel: | 1.800,- Frang |
| Präis fir 3 : | 2.600,- Frang |

An dësem Präis sin abegraff: d'Iessen, d'Fraisën, d'Blummen an d'Foto.
D'Gedrenks bezuelt jidfereen selwer un de Wiirt.

D'Suë gin abezuelt op eise Kont bei der BGL (Banque Générale du Luxembourg)
N° 30 - 549708 - 43. Bénéficiaire: D'JONGE VU PEENEMÜNDE
Communicatioun: KONVENIAT ZU STOLZEBUERG

De läschten Termin fir d'Iwwerweisung as den 27. September 1993 !

*Am Numm vum Comité a mat villen häzlëche Gréiss,*

# Amicale D'JONGE VU PEENEMÜNDE

*Présidence et Secrétariat*
*Adresse:*
Vic FISCHBACH
75, Allée Léopold Goebel
L-1635 LUXEMBOURG
Tél.: 44 42 93 Fax: 44 51 62


Lëtzebuerg, den 12. September 95

Léiwe Peenemünder,

Wéi all Jaër sin domat och d'Fraën an d'Frënn vun de Peenemünder ugeschriwwen. Eise Konveniat as e Samsdeg, de 7. Oktober, an e gët organiséiert vum Komerod Franz LOMMEL vun Aeischen. Aeischen läit an der Habschter-Gemeng, zu där och nach d'Kräizerbuch an d'Gäichel geheiren.

Wéi all Jaër rechnen ëch fest mat Denger Präsenz a mat Aerer Madame. Soll awer ee verhënnert sin, wir ëch frou, ee schrëftlechen oder telefoneschen Avis ze kréien. Ëch soën dofir lo scho merci!

An hei as de Programm vum Dag.

## PROGRAMM

| | |
|---|---|
| 09.45 h | Rendez-vous virun der Kiirch vun Aeischen |
| 10.00 h | Mass fir eis gefalen, vermëssten a verstuurwe Komeroden |
| 10.45 h | Dépôt vu Blummen beim Monument aux Morts |
| 11.00 h | Vin d'honneur offeréiert vun der Gemeng |
| 13.00 h | Mëttechiessen am Restaurant BRICKLER zu Aeischen |



## MENU

*******
*Velouté au Cerfeuil*
*******
*Papillote de Saumon et de Sole*
*aux petits légumes*
*et aux deux sauces*
*******
*Sorbet aux Poires William*
*******
*Selle de Veau à la Forestière*
*Jardinière de primeurs*
*******
*Chariot de Fromages*
*******
*Grande Bombe glacée aux Fruits*
*******
*Moka - Petits Fours*

---

| | |
|---|---|
| Präis fir Dëch eleng oder eng Damm eleng: | 1.250,- Frang |
| Präis fir eng Koppel: | 2.350,- Frang |
| Präis fir 3: | 3.450,- Frang |

An dësem Präis sin abegraff: d'Iessen, Fräiën an d'Foto. D'Blumme gi vum Komerod Franz gestëfft. D'Gedrénks bezuelt jidfereen selwer un den Hôtelier.

D'Sue gin abezuelt op eise Kont bei der BGL (Banque Générale du Luxembourg)

N° 30-549708-43 Bénéficiare: D'JONGE VU PEENEMÜNDE
Communication: KONVENIAT ZU AEISCHEN

De läschten Termin fir d'Iwwerweisung as de 25. September 1995.

Am Numm vum Comité a mat villen härzleche Gréiss!

Vfischbach